NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

Service Mediatioun

Bild: Adobe Stock

De Service Mediatioun ass virun ongefeier 1 Joer agefouert ginn. Dëse Service gëtt allen Awunner vun der Gemeng Koplescht ugebueden a kann a verschidde Fäll vun Noperschafts-Sträit hëllefen, z.b. Kaméidi, Beem & Hecken, Bau, Hausdéieren, ... Wien stécht hannert dësem Service an a wat fir eng Fäll kann een hei konkret Hëllef a Rot kréien ? Loosst eis dat zesumme mam Mediateur vun der Gemeng Koplescht, Astrid Glod erausfannen.

Kënnt Dir lech wgl. an e puer Wierder virstellen an eis erklären, wéi d'Aarbecht vun engem Mediateur ausgesäit, a wat am Alldag gemaach gëtt ?

Ech si Mediateur agréée fir verschidde Beräicher hei zu Lëtzebuerg:

- **Penal:** betrëfft Dossieren déi vum Parquet kommen (injures, coups et blessures)
- **Civil et Commercial:** betrëfft d'Gemengen (Noperschaftssträit) an d'Entreprisen (schlechte Klima tëschent Mataarbechter) wou ech fir 28 Gemengen am Land schaffen
- **Social:** betrëfft alles wat mat der Famill ze dinn huet (tëschent Elteren a Kanner, tëschent Geschwëster, Ierfschaften, tëschent Koppelen)
- **CMCC** (Centre de Médiation Civil et Commercial vum Barreau an der Stad, do ass just Civil et Commercial)

Wéi vill Fäll hutt Dir schonn zu Koplescht traitéiert a fir wéi eng Grënn gitt Dir meeschtens an Ärer Roll als Mediateur gefrot ?

Fir d'Joer 2023 ginn et bis elo 6 Dossieren. D'Ursaache vun dëse Fäll waren :

- 2 x Beem zréck schneiden
- eng Mauer déi falsch gebaut gouf
- 2 x Hecke schneiden
- Brise vue

Wéi kënnt Dir an engem Fall vun Noperschaftskonflikt hëllefen? Wéi sinn do d'Prozeduren?

- Bei der Gemeng steet eng E-Mail Adress fir d'Bierger zur Verfügung, wou se sech melle kënnen. Doduerch huelen se Kontakt op. Ech melle mech dann zréck beim Bierger deen d'Ufro gestallt huet.

- De Bierger deelt mir säin Uleies mat an dono kontaktéieren ech, per Bréif, de Noper an invitéieren hien op een Eenzelgespréich mat mir.
- Well d'Mediatioun fräiwëlleg ass, muss keen äntweren.
- Bei enger Äntwert kënnt et beim Telefonsgespréich schonn dacks zu engem Léisungsvirschlag vum Noper, da brauch ee keng Mediatioun méi.

Wat fir eng Rotschléi kënnt Dir den Awunner mat op de Wee ginn a punkto Noperschaftskonflikt?

Wichteg ass, dass d'Leit matenee schwätzen. Den 1. Wee soll net bei de Mediateur oder bei den Affekot sinn. Dem Noper mat Respekt begéinen. Versichen, Récksiicht ze huelen andeems ee keen onnëtze Kaméidi mécht, seng Hecken a Beem zeréck schneit (wéi de Code Civil et virgesäit), dem Noper de Grill net just op d'Grenz vum Terrain setzt, säin Hond net bille léisst, d'Garagenafaart net deelweis zougeparkt, etc.

KONTAKT

Bei engem Fall vun engem Konflikt mat Ärem Noper, rode mir lech fir d'éischt de Kontakt ze sichen a mateneen ze schwätzen.

De Service Mediatioun ass gratis an all Demande gëtt confidentiel behandelt.

mediation@kopstal.lu